adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un den Här Wirtschaftsminister an d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An engem Circulaire vum Service de santé au travail multisectoriel (STM) ass ze liesen, datt e Patron, deen decidéiert, en Ugestallten - deen aus engem Land oder enger Regioun kënnt, déi a Bezuch op de Coronavirus engem héije Risiko ënnerleien - net schaffen ze loossen, dëst iwwert eng Dispens maache muss an domat d'Käschte fir d'Ausfale vum Ugestallte selwer droe muss. Hei de genaue Wuertlaut:

> „La mise en quarantaine peut uniquement être décidée par l'Inspection Sanitaire (Tél. : 2478 5650).
>
> Si l'entreprise décide de ne pas laisser travailler quelqu'un qui vient d'un pays ou zone à risques, l'employeur doit émettre une dispense de service. En aucun cas, ces absences ne sont couvertes par un congé de maladie ni ne peuvent être déduites des congés payés."

An dësem Kontext wéilte mir dem Här an der Madame Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi séier entscheet d'Inspection Sanitaire iwwert eng Quarantänsmoossnam?
2. Ass et méiglech, am Virfeld vun enger geschäftlecher Delegatioun an e Risikogebitt eng séier Prozedur mat der Sanitärinspektioun ze vereinbaren?
3. Firwat gi Patronen, déi hir Responsabilitéit huelen an hir Ugestallter a Kliente wëlle schützen, finanziell gestrooft?
4. Wann d'Inspection Sanitaire fir e Betrib, an deem de Patron schonn Ugestallter aus Virsiicht heemgeschéckt huet, eng Quarantän decidéiert, ginn dann op d'mannst dem Patron seng Virsiichtsmoossname finanziell ofgedeckt a kritt hie seng Aboussen nodréiglech finanziell ersat?

5. Wéi kënnt d'Inspection Sanitaire zu dëser rigider Haltung? Ass dat e Beschloss vun der Regierung, dem zoustännegem Ministère oder vum Service de santé au travail multisectoriel (STM) selwer?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten